



Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30. Januar 2025

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Verkéiersminister weiderzeleeden.

Esou wéi den 28. Januar am Lëtzebuenger Wort ze liese war, gëtt d'Dummeldenger Barrière vum 7. Juni 2025 u fir Automobilisten dauerhaft gespaart an dës mussen op d'lechternacher Streck - N11 auswäichen. Den entspreichende Passage vun der Echer Plaz bis op de Waldhaff ass zu Stousszäiten awer elo schonn extrem iwwerlaascht.

An deem Sënn géife mir der Madamm Verkéiersminister gär dës Froe stellen:

- 1) Wéi ass déi Decisioun begrënnt, déi nei Unterführung déi d'Dummeldenger Barrière soll ersetzen, nom Ofschloss vun den Aarbechten net méi fir den Autosverkéier fräi ze ginn?
- 2) Mat wéi vill zousätzlechen Autoen op der lechternacher Streck rechent d'Madamm Minister opgrond vun där Moosnam, souwuel am Duerchschnëtt wéi och zu Stousszäiten?
- 3) Duerch wéi eng Kompensatiounsmoosname, wéi zum Beispill d'Reduktioun vun de Luuchten, wëll d'Madamm Minister d'lechternacher Streck entlaaschten?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

Alexandra Schoos
Deputéierten